CSV
FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. Mäerz 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
25 MARS 2019
559

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister weider ze leeden.

Informatioune vun der Presse no, ginn et aktuell 7 Fäll vu Riedelen hei am Land. Et gouf e Foyer vun dëser viraler an extrem ustiechender Krankheet zu Mamer an der Europaschoul. Et kann een sech géint d'Riedelen impfe loossen, en Traitement wann een d'Krankheet huet gëtt et net. D'Riedele kënne grave Komplikatioune mat sech bréngen an am uergste Fall zum Doud féieren.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Ass bekannt wéi déi concernéiert Kanner sech infizéiert hunn? Waren se net geimpft oder haten se de Rappell verpasst?
- Ginn et Statistike wéi vill Prozent vun de Leit géint d'Riedelen geimpft sinn?
- Wier et an den Ae vun der Regierung sënnvoll d'Impfung géint d'Riedelen obligatoresch ze maachen?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Nancy Arendt épouse Kemp
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
29 MARS 2019

Luxembourg, le 29 mars 2019

**Concerne**: Question parlementaire n° 559 du 25 mars 2019 de Madame la Députée Nancy Arendt.
**Réf. :** 82bx3049e

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse du soussigné à la question parlementaire n° 559 du 25 mars 2019 de Madame la Députée Nancy Arendt concernant la "Rougeole".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Étienne SCHNEIDER
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Monsieur le Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 559 du 25 mars 2019 de Madame la Députée Nancy Arendt concernant la "Rougeole".**

Lëtzebuerg huet effektiv am Moment eng kleng Epidemie vu Riedelen, mat aktuell 12 confirméierte Fäll (Situatioun den 28 Mäerz). Et handelt sech haaptsächlech ëm Kanner a Jugendlecher déi net oder net richteg geimpft woren (et sinn zwou Injektioune vum Impfstoff néideg fir eng komplett Immunitéit ze hunn). An dräi Fäll ass d'Direktioun vun der Santé nach derbäi déi genau Impfgeschicht vun de betraffene Persounen zesummen ze sichen. Den éischte Fall ass aus Frankräich (Savoie Val Thorens) komm, wou lëtzebuerger Schüler eng Schivakanz gemaach hunn, an ee Schüler krank heemkomm ass. Déi aner Fäll sinn esou genannte "secondaire Fäll", dat heescht Leit déi mat dem éischte Fall a Kontakt woren.

D'Direktioun vun der Santé mécht all 5 Joer eng Enquête de couverture vaccinale bäi engem representativen Echantillon vu Kanner am Alter vu 25-30 Méint – also nodeem si dem lëtzebuerger Calendrier vaccinal no hätten missen déi meescht Impfunge krut hunn. Den Taux de vaccination fir déi éischt Dosis vum Riedelenimpfstoff läit bei excellenten 98,7% am Joer 2018 (99% am Joer 2012), leider fält dësen Taux op 90,0% (wat awer eng Verbesserung par rapport zu de 87,2% am Joer 2012 ass) fir déi zweet Injektioun. Idealerweis hätt e gären en Taux iwwert 95% fir déi zwou Impfungen. Dësen Taux verhënnert dass de Virus an der Populatioun zirkuléier kann, an Epidemien ausléisen kann.

Lëtzebuerg huet ëmmer Wäert op Informatioun an Opklärung vun den Eltere geluecht. Et ass wichteg dass si déi richteg Informatiounen iwwert d'Impfunge kréien. Dobäi spillen d'Gesondheetsberuffler eng wichteg Roll, zemools d'Kannerdokteren, déi zu Lëtzebuerg eng excellent Aarbecht maachen. Trotz ëmmer méi Falschinformatiounen déi z.B. iwwert d'sozial Medien verbreet ginn, verbessert sech zu Lëtzebuerg dann och den Taux de vaccination liicht, ouni awer déi recommandéiert 95% ze erreechen.

Als Reaktioun op déi aktuell Epidemie, a fir d'Situatioun ënner Kontroll ze kréien, kontaktéiert d'Direktioun vun der Santé d'Persounen déi am Kontakt mat kranke Persoune waren, verifizéiert deenen hir Impfsituatioun a recommandéiert zousätzlech Impfungen do wou et néideg ass. D'Direktioun huet och décidéiert den Impfstoff géint Riedelen gratis fir all Kanner an elo och Erwuessener zur Verfügung ze stellen, falls eng Impfung néideg ass (bis elo war den Impfstoff nëmme gratis fir Kanner am Kader vum nationalen Impfkalenner).

Baséiert op de gudden Zuelen aus der Enquête de couverture vaccinale mengt d'Regierung net dass et am Moment sënnvoll ass eng Impfpflicht anzeféieren wéi dat a verschiddene Länner elo de Fall ass (Frankräich, Italien) oder diskutéiert gëtt (Däitschland). Dës Länner hunn am Géigesaz zu Lëtzebuerg en Taux de vaccination deen iwwert déi lescht Joer staark gefall war. Esou eng Impfpflicht ass dann och schwéier ëmzesetzen (an Italien gëtt a verschiddene Regioune geimpft an aneren awer net, an daat trotz dem Gesetz) an ze kontrolléieren (a Frankräich sinn eng ganz Rei falsch "certificats de vaccination" oder "certificats de contre-indications à la vaccination" opgetaucht nodeem d'Obligatioun agefouert gouf). D'Regierung verfollegt awer d'Progressioun vun der Epidemie zu Lëtzebuerg regelméisseg an ass bereet hir Positioun z'iwwerdenken falls d'Situatioun dat erfuerdert.